## Eis Fraktiounsspriecherin zum Budget 2026 – Gemengerot 11.12.2025

**E Budgetdokument ass op den éischte Bléck mol en Zuelendokument, mee hannert deenen Zuelen, do stieche Projeten, do stécht Aarbecht, do stécht Verantwortung. Do huet jiddwereen seng Aufgab. Déi richteg Zuelen op déi richteg Posten ze setzen, ze kucken, datt et vir an hannen opgeet, an ze kontrolléieren. Duerfir e grousse Merci vun eiser Säit fir d'Ausschaffe vun deem Dokument. Ouni Budget kann eng Gemeng net fonctionéieren.**

Fir all intresséierte Bierger: D'Dokument vum Budget 2025 stoung op der Homepage, ech denken, datt dat mam Budget 2026 och esou gemaach gëtt.

Mir hunn elo e Résumé vu puer Kommissioune héieren.

Eise Rôle als Oppositioun besteet awer elo doran, dëst Dokument ënnert d'Lupp ze huelen an ze analyséieren, Froen ze stellen an net einfach alles tel quel hinzehuelen.

-----

Vill Detailer huet de Marc eis jo schonn ginn. Recetten ewéi den *impôt commercial* an de *fonds de dotation globale des communes* hëllefen eis natierlech, de Budget ze stemmen.

De Budget ass gesond a steet op gesonde Féiss, sot Dir. Allgemeng, wann een déi Zuele vun de leschten dräi Joren esou kuckt, dann huet eis **Réserve budgétaire** awer eng Tendenz no ënnen. Enn 2024 hate mir eng Réserve vu 14 Milliounen. Enn 2025 eng Réserve vu 7 Milliounen. An fir Enn 2026 ass eng Réserve vun enger Millioun virausgesot.

Soss déi Jore krute mir mol nach Grafike fir verschidde Sparten duerzeleeën. Dat hunn ech am Fong ëmmer ganz iwwersiichtlech fonnt. Notamment wat d'*masse salariale* ugeet, do hu mir guer keng Notiounen dovun.

Den normale Fonctionnement vun enger Gemeng, wat Waasser, Kanalisatioun, Stroum, Poubellen, Heizen, d'Gebaier, d'Maintenance an esou weider ubelaangt, ass e risege Käschtepunkt, deen ofgedeckt a gedroe muss ginn. Dat ass guer kee Thema. Nieft dem normalen Alldag ginn et awer nach vill weider Punkten, an do sinn der e puer dobäi, op déi ech wëll agoen.

Am Fong hate mir gesot kritt, datt de Streaming fir d'Budgetssitzung am Dezember prett wier, mee dat schéngt awer net de Fall ze sinn. Schued.

Nieft dem Streaming ass et de Gemengebuet, wou ee sech informéiere kann, wat an de Gemengerotssitzungen diskutéiert an decidéiert gouf. Wéinst dem Streaming huet de *règlement d'ordre intérieur* missen ugepasst ginn. Am selwechten Zuch wollt Dir och just nach de *résumé de l'objet* an d'Decisioun publizéieren an déi verschidden Interventioune

komplett sträichen, mam Argument, datt jo elo de Stream zur Verfügung steet. Fir eis ass dat keen Argument, well nach laang net jiddwereen d'Méiglechkeet huet, op de Stream zeréckzegräifen. Et géif ee just nach Fakten op den Dësch leeën, an et léisst een d'Leit net deelhuelen un den Argumenter, déi zu enger Decisioun féieren. Mir si frou, datt Dir op eis Argumentatioun gelauschtert hutt an och weiderhin domat averstane sidd, déi verschidden Interventioune ze publizéieren.

De Gemengebuet soll eng aner Form kréien. Dat begréissen ech. A mengen Aen soll en informativ sinn, iwwersiichtlech, d'Duerfliewen erëmspigelen, awer d'Leit och *au courant* halen iwwer verschidde Projeten an Etüden, net mat laangen Texter, mee mat verständleche Biller a Grafiken. Duerfliewen heescht fir mech net nëmmen d'Manifestatioune vun der Gemeng, mee och d'Veräiner. Mir brauchen de Flyer vun enger Manifestatioun net dräimol esou grouss iwwer dräi Säiten an dräi Sproochen; do loosse sech aner Solutioune fannen, fir net all Kéier e Magazin vu 200 Säiten ze drécken.

Fir unzefänken, wëll ech op e puer Punkten vun den *dépenses extraordinaires* agoen:

Wat ass aus der Etüd vun der Transformatioun vum ***accueil-service état civil*** ginn? Wat ass do erauskomm? Gëtt do weider näischt an d'Weeër geleet? Dat war jo geduecht fir méi Sécherheet, datt d'Leit net solle kënnen fräi am Gebai zirkuléieren.

Ech begréissen de Projet ***Themewee***. Dat ass eppes, wat ech scho méi laang froen. E flotten Trëppelwee am ënneschte Bësch zu engem flotte spannenden Thema, interaktiv. Am Ordinaire steet ausserdeem e Projet Beiepad fir 20.000. Wou ass dee virgesinn?

Wéi wäit si se mëttlerweil mat der **Kamerainspektioun vun der Kanalisatioun**? Bis wéini soll dat ofgeschloss sinn? Et ass just d'Hallschent vum Budget gebraucht ginn, wéi geplangt.

Wéi wäit si mir mam Pilotprojet ***avertissement crues***? Wat gëtt do alles gemaach?

Wou ass de Projet vun de ***maisons bi-familiales*** am Wénkel drun? Bal de ganze Budget vun 2025 gëtt op 2026 verréckelt. Ass iergendwou e Problem, oder wou si mir grad drun?

Wat d'Konzept vun de **Spillplazen** ugeet, do ass jo eng Etüd gemaach ginn. An der leschter Budgetssitzung an och dono nach eng Kéier an enger Gemengerotssitzung, wéi e Projet vun enger neier Spillplaz virgestallt gouf, hat ech no de Resultater gefrot. Déi krut de Gemengerot an enger Projetssitzung am September presentéiert. Ech fannen et nämlech wichteg - wann elo schonn esou eng Etüd virläit - drop zeréckzegräifen, Schwaachpunkten ze detektéieren an unhand vun där Etüd ze agéieren. An der besoter Sitzung war rieds vun engem Dokument, wou eng Fiche pro Spillplaz ausgeschafft gouf. No der Sitzung hat ech gefrot, ob mir als Conseilleren dat Dokument och kéinte kréien. Ech hunn dräimol nogefrot, awer bis elo leider nach ëmmer keng Äntwert kritt. Vläicht kann ech haut eng Äntwert an d'Dokument kréien?

A wa mir scho bei de Spillplaze sinn: Wat ass de Problem op der PMR-Spillplaz bei den Tennisfelder, datt déi méi dacks gespaart wéi accessibel ass?

Eng kleng Remarque zum **Shared Space**: D'Begrünung vum Shared Space huet mat 270.000 uerdentlech Sue kascht. Et loung och keen zweeten Devis vir. A virun allem sinn elo nach méi Parkplaze entstanen. Amplaz tëscht de Beemkiwwel ze parken, wat elo net méi geet, gëtt elo einfach an voller Rei virun de Beem geparkt.

A punkto **Vëlosweeër**: Wou si mir konkret mat wéi engem Projet drun? Wat ass dëst Joer realiséiert ginn? Wat ass konkret fir 2026 geplangt? Dat si fir mech Informatiounen, déi zum Beispill an de Buet misste kommen, fir d'Leit iwwer d'Entwécklung vun der Uertschaft, ganz konkret Projeten um Lafenden ze halen.

Wou steiere mir hi mam **Projet Schwall**? Et si schonn 2,5 Milliounen investéiert. Et stinn nach emol 2,4 Milliounen am Budget. Wéi gëtt dat Ganzt herno geleet? D'Leit wëllen Informatiounen. Si kruten de Projet a Maquetten gewisen, an duerno héieren si näischt méi. Dat sinn esou Projeten, wou een de Leit reegelméisseg Informatioune soll ginn, da komme keng Froen a keng Gerüchter op.

**Centre Atert:** Dass d'Façade elo leider muss nei gemaach ginn, ass schued, mee an deem Zoustand féiert kee Wee derlaanscht. Et steet awer nach en décke Montant vu 650.000 u fir d'Klimatisatioun. Dat ass wuel noutwendeg; am Summer ass et déckwaarm, mee op normalen Deeg awer och oft ze kal. Kritt een do och de Problem behuewe mat den Daachlucken? Ganz dacks war et vill ze waarm am Festsall. A wann ee gefrot huet, fir d'Daachlucken opzemaachen, dann war d'Äntwert, datt een déi duerno net méi zou kritt. Klima z'installéieren wéinst der Hëtzt ass gutt, mee Fënsteren, déi fonctionéieren, sinn och gutt.

Dann eng kleng Fro zu den *recettes extraordinaires*: Mat den Assurancen no den Iwwerschwemmunge betreffend den *hall sportif Niki Bettendorf* an de Centre Atert: Ass dat elo ofgeschloss, oder steet do nach eppes un?

An dann eriwwer bei d'*recettes ordinaires*:

Do ass e Montant vun 12.000 virgesi vu *loyers* – ***logements pour jeunes***. Wat ass dat genee? (p. 9) *Dépenses ordinaires*: 50.000 vum 01.02.26 un fir *location immeuble pour logements pour jeunes*.

An da sinn awer nach eng Rei Punkten aus den *dépenses ordinaires*, wou ech Froen oder Remarquen dozou hunn:

D'***jetons de présence*** vun de Kommissioune si fir 2026 e bësse méi héich wéi dëst Joer. Ech ginn dovun aus, datt dat da fir déi Kommissioune ass, déi an der leschter Zäit net bis ganz wéineg zesummekomm sinn, fir datt déi sech an Zukunft e bëssen méi kënne gesinn.

***Gestion archives*** (p. 40): Ass en neie Punkt am Budget. Wéi leeft dat of, wann eng Firma sech dorëms këmmert? Wou ass den Archivage? Ech fannen et e wichtege Punkt, datt uerdentlech a professionell archivéiert gëtt.

De ***remplacement revêtement mural*** vun 110.000 am Trapenhaus an der Gemeng: Wat gëtt do gemaach?

***Budget participatif:*** Wou si mir mat der Ëmsetzung vun deenen dräi Projeten drun? Défi, Tennis de table, Optimisation Shared Space. Ech hoffen, datt eis Bartrenger Bierger nach eng Kéier vun deem neien Opruff profitéieren an hir Iddien aginn. An och wichteg ass déi Phase, wou et drëm geet, duerno ofzestëmmen.

400.000 Euro si virgesinn fir ***Etüden / Expertisen***. Do hätt ech e puer Froen, éischtens emol zu neie Projeten:

1. Et steet e *Masterplang a punkto Schoulinfrastrukturen* dobäi. Dat ass sécherlech enorm wichteg. Bartreng wäert weider wuessen, an d'Schoulinfrastrukturen an och aner Infrastrukturen solle mat Konzept iwwerluecht sinn. Virun allem wësse mir nach net, wat d'Ëmsetzung vun deem Alpha-Projet alles mat sech bréngt. Wat ass ugeduecht, wéi laang soll dës Etüd daueren, resp. wéini kann een do mat Resultater rechnen?

2. Wat sinn déi *analyses financières*?

3. Wéi stellt Dir Iech dat Konzept *Vëlo Mobycon* fir Bartreng vir? Ass do och e Konzept fir Vëlo- an Trotinettestänner dobäi? E puer uerdentlech Stänner, wou d'Gefierer och drop passen.

An dann awer och Froen zu Etüden a Projeten, déi scho méi laang ënnerwee sinn:

1. Säit 2023 ass e *Consulting fir d'SEA* um Lafen. Sidd Dir zefridden? Dréit dat seng Friichten a féiert dat zu deem gewënschte Resultat?

2. Wou si mir dru mam séchere Schoulwee, mam Foussgänger-Leitsystem, mam *plan d'intervention d'urgence*? Wéi gesäit et aus mam Sponge City? Wat ass an deenen eenzele Projeten ëmgesat ginn? Wat läit u Resultater vir?

Ech géif et begréissen, wa mir als Gemengerot och heiansdo iwwer esou Projeten informéiert géife ginn an net nëmmen iwwer déi grouss Bauprojeten.

D'Gesetz vum 07.01.2022 iwwer d'***accessibilité à tous*** betrëfft d'*lieux ouverts au public*, d'*voies publiques* an d'*bâtiments d'habitation collectifs*. Dir hutt elo emol eng *commande d'analyse* fir 80.000 ginn, fir d'Gemeng, Atert, Arca, Schauwebuerg.

Firwat elo mol just déi véier Gebaier? Sinn d'Neibauten ewéi Niki, Duerfhaus, Centre Bureck, nei Commercen scho konform, well se rezent gebaut goufen? Si soss keng Gebaier betraff?

Da sinn 25.000 virgesinn fir *place publique*, an do steet just de Kierfecht do. Wéi ass et mat aneren ëffentleche Plazen ewéi Busarrêten, Spillplazen, …?

Wéi ass et mam Punkt vun de *bâtiments d'habitation collectifs*? Immeuble am Schlass? Nach aner? Gebai vun der Apdikt, vun der Kannerdoktesch?

An der ***Maison des Jeunes*** gëtt vun 3 ETP op 3,75 ETP opgestockt fir 2026. Ass esou e groussen Zoulaf vu Jugendlechen, datt beim Personal muss opgestockt ginn?

***Projet Tiny Forest*****:** Den éischten Urban Forest ass ugeluecht. Déi 35.000 vun dësem Joer: war dat de Budget vun engem Projet? Dat heescht, et ass geduecht, nach een oder eventuell méi esou kleng Projeten unzeleeën, well nach e weidere Budget an der selwechter Héicht fir d'nächst Joer geplangt ass?

***Concours floral:*** Do huet d'Konzept jo geännert. Wéi vill Haiser hunn e Präis kritt zu där Zäit, wou d'Leit aus der Kommissioun selwer den Tour gemaach hunn, fir Fotoen ze maachen? Wéi vill Haiser hunn elo e Präis kritt, wou d'Leit opgefuerdert goufen, selwer hir Fotoen anzeginn? Gëtt jiddwereen eenz, fir Fotoen ranzemailen, oder éirens eroplueden?

***Kierfecht*****:** Et si 15 nei *monuments funéraires*: 12.000 Euro. Wat däerf een dorënner verstoen? Ëm de Grafsteen këmmert sech jo d'Famill. Mam Budget Kierfecht net vergiessen, genuch Gréngs ze integréieren! Mat méi Hecken a Beem ronderëm zoumaachen.

Den ***ale Musekssall*** am Centre Atert gëtt renovéiert fir 380.000. Wat gëtt mat deem Sall gemaach? Zu wéi engen Zwecker gëtt deen elo an Zukunft benotzt? Kréien do d'Portieren hire neie Sëtz? Da si se ëmmer nach schéin zentral, an am Gebai vun der Spillschoul ginn erëm Raimlechkeete fräi, déi jo och ganz sënnvoll fir schoulesch Zwecker missten agesat ginn.

Bei de ***fêtes publiques*** steet e *Summer am Parc* dobäi. Wat kann een sech dorënner virstellen?

Beim Family Day gi mir vun engem Budget vu 45.000 d'lescht Joer op elo 80.000. Dat ass schonn enorm.

De Budget vu 600.000 fir den Absolut Bartreng: esou vill kënnt ongeféier eran mat all de Projeten am *pacte logement*.

Par contre sinn ech frou, datt mir déi Surfwell lass sinn – en enorme Budget, vun deem, mengen ech, méi Net-Bartrenger wéi Bartrenger profitéiert hunn. Vun zwee Joer Surfwell hätt ee schonn e klengt Appartement kënne kafen.

Bei deem immense Budget vum Wantermaart kéint een eventuell nach e bëssen investéieren, fir déi wäiss Baatschen, déi de Chalet vun hanne verdecken, ze verschéineren. Do kéint een e puer Dännebeemercher virdru stellen oder flott Baatsche maache loossen, déi an d'Thema passen.

Bei der Kiermes: Wat muss een do maachen, fir erëm Knuppautoen, Schéissbuden a Lunapark dobäi ze hunn? Braucht een do méi Budget, a muss een d'Forainen bezuelen, fir ze kommen? Dëst Joer war just e Programm fir déi kleng Kanner. Déi e bësse méi Grouss an d'Jugendlech sinn net glécklech ginn op der Kiermes dëst Joer. Mee de Budget hutt Dir d'selwecht gelooss wéi all déi Jore virdrun.

Ech hat dacks op dëser Plaz an och ëmmer erëm a Gemengerotssitzunge nogefrot, fir ***Ofrechnunge*** vun deene verschiddene Fester a Manifestatiounen ze kréien. Dat ass och elo

viru Kuerzem geschitt. Just ware verschidden Ofrechnunge vun 2025, aner vun 2024, verschiddener vun deenen zwee Joer. Anerer, wéi eng Kiermes, ware guer net opgelëscht. Och huet jiddwereen - well vu verschiddene Kommissiounen - seng Ofrechnung anescht gemaach. Mol sinn Energiekäschte verrechent ginn, mol net. Vergläicher ze maachen ass also quasi net méiglech.

Ech géif mech freeën, wann mir als Gemengerot weiderhi reegelméisseg déi Ofrechnunge géife kréien, an ech géif et nëmmen transparent fannen, wann och d'Membere vun enger Kommissioun informéiert wieren, wéi et mat den Einnahmen an Ausgabe vun hire Manifestatiounen ausgesäit.

Mir hunn hei zu Bartreng e ***Kannergemengerot***. Ech fannen dat eng super Saach, datt d'Kanner iwwer dëse Wee un Entscheedungsprozesser a Participatioun kënnen deelhuelen an éischt Notioune vun Demokratie kenneléieren. Merci dem Léierpersonal an dem Personal aus dem SEA, wat se an deem Projet begleet.

An engem Gemengerot dëst Joer krute mir am Punkt *Info* de Rapport vum Schouljoer 24/25 virgeluecht. Well mir bei deem Punkt keng Froen kënne stellen, huelen ech dat elo hei no:

Si hunn e relativ héije Budget fir *frais de restauration* an *de réception* an nëmme 2.500 fir *équipements divers*. Geet dat duer, fir déi verschidde Punkten ëmzesetzen, déi aus deem Rapport ervirginn? Resp. déi Demande fir Verbesserunge vu Gemengeninfrastrukturen: Geet dat dann op en anere Budget? Konnt deene Demandë Rechnung gedroe ginn:

- e Spigel beim Vëloskeller fir méi Sécherheet?
- beim Multisport: nei Netzer a besser Beliichtung?
- de Box-up-Projet: Verstauméiglechkeet vu Sportmaterial?

An dann nach ee vu menge Lieblingsthemen: **d'Schoulhäff**! Dir hutt matgemaach bei engem *appel à projets* „Méi Natur am Duerf". Dass de Projet zréckbehale gouf an der Gemeng domat 500.000 Euro zoustinn, ass natierlech super. Dat ass e gudde Batz bei engem Projet vun 800.000. Wien huet deen Projet ausgeschafft? Sinn do de Kannergemengerot resp. d'Schoulkanner aus deene betraffene Cyclen oder d'Léierpersonal och ëm hir Meenung gefrot ginn? Wéi gesäit et mat deenen anere Schoulhäff aus? Ass do eppes Konkretes geplangt fir d'nächst Joer a punkto Entschäerfe vu Konflikter op enkem Raum? Oder méi Schiet?

Dat waren elo Punkten, déi ech am Budget fonnt hunn. Mee do ginn et awer eng Rei ***Saachen, déi ech vermëssen***.

Am Gemengerot vum 26. September krute mir déi **zweet Schäfferotserklärung** fir dës Legislaturperiod virgeluecht. Eng zweete Kéier hutt Dir just eng Deklaratioun gemaach, an et war net erwënscht, datt d'Oppositioun géif d'Wuert ergräifen, fir drop ze reagéieren. Ech

weess net, wat Dir fäert: datt Dir ze vill Luef kritt? Oder datt Dir net oppe sidd fir Kritik? Mee soit.

17 Säiten, kloer Prioritéiten ëmsetzen, bedeitend Projeten. Wat elo bedeitend ass, dat ass Interpretatiounssaach.

E puer Punkten aus Ärer gemeinsamer Schäfferotserklärung:

- *Gréisser Lagerméiglechkeete fir Veräiner:* Wou kommen déi hin, a vu wéini un kënne Veräiner domat rechnen?
- *Administrativ Begleedung fir Veräiner:* Wat heescht dat konkret?
- *Éierenamt gëtt geférdert a gewierdegt:* Wéi soll dat ausgesinn?
- *Padelfelder, Pumptrackpist, Boulderanlag:* Wou kënnt dat hin, a wéini?

Vill Budgete bleiwen net méi. Wann dat engem wierklech wichteg ass an een dat an dëser Legislaturperiod ëmsetze wëll, da misst elo bal e Konzept fir dës an aner Iddie virleien.

Da wëll ech nach op ee Punkt agoen, deen de ***Sport, d'Beweegung an d'Präventioun*** beträfft, also alles, wat e gesonde Liewensstil ugeet.

Wat brauche mir dofir? Déi richteg Astellung, de Courage, et unzepaken, an eng Vernetzung vu ville Beräicher. Wat kann eis dobäi hëllefen? E *coordinateur sportif* (deels subventionéiert vum Sportsministère) an déi richteg Infrastruktur.

Et geet drëm, Sport a Beweegung ze fërderen – vun deene Klengste bis bei déi Eelst an eiser Gesellschaft. Dëst zesumme mat der richteger Ernierung (an der Schoul, an der SEA, doheem) ass Präventioun, an domat kënne mir vill gesondheetlech Problemer vermeiden, eise Gesondheetssystem entlaaschten an eis all eppes Guddes doen.

Do geet et net duer, wéi ech d'lescht Joer hei op dëser Plaz als Äntwert krut, datt mir am SEA e Sportkoordinator hunn an datt d'Gemeng an d'Kommissiounen esou munches koordinéieren. Dat hei geet vill méi wäit. Do brauch een eng Persoun, déi sech **just** dorëms këmmert. Do brauch een déi richteg Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagne.

Fir genuch Sport a Beweegung kënnen unzebidden – souwuel op Veräinsbasis wéi och a punkto Coursen – vum ganz wichtege Kannerturnen u bis bei Erwuessenen- a Seniorecoursen, brauche mir déi richteg Infrastrukturen. An duerfir brauche mir onbedéngt eng weider Sportshal. Eng einfach funktionell Hal, fir datt mir net an d'Nopeschgemenge musse Loyere bezuelen an datt d'Elteren sech net mussen organiséieren, fir d'Kanner op Mamer oder op de Geesseknäppchen ze kréien.

Sou lues kommen ech bei de Schluss:

Ouni gutt ***Personal*** ass déi ganz Aarbecht fir all déi Projeten natierlech net ze maachen. Ech si frou, e liichten Opgank u Personal ze gesinn. Wann d'Bevëlkerung wiisst, wuessen och

d’Aarbecht an d’Uspréch. Och wann opgestockt gouf, et ass ëmmer nach Sputt no uewen. Och wann d’*masse salariale* eng grouss Dépense ass, musse mir kucken, eis Leit net ze iwwerlaaschten.

Mir hu quasi kee Gemengerot, wou net erëm een agestallt gëtt, entweder well ee gaangen ass oder well mir musse wuessen. D’Personalgestioun ass eng grouss Erausfuerderung.

Mir hunn an der leschter Zäit an der Press vu ville Gemengen héieren, wou et uerg rumouert. De SYVICOL bitt mëttlerweil Formatioune betreffend Personalführung un. Sinn dat Offeren, op déi Dir och zeréckgräift?

Ech si frou, datt een op der Homepage all d’Nimm gesäit, wien a wéi engem Service schafft, datt d’Leit wëssen, mat wiem si et ze dinn hunn, wann si sech iergendwou mussen mellen. Ech wier awer nach méi frou, wann mir emol en Organigramm kéinte kréien, mat alle Mataarbechter. Si sinn jo net all op engem Niveau. Wien ass wiem säi Virgesetzten, asw. Dat ass eppes, wat ech och schonn zënter zwee Joer froen.

Mee wéi gesot: Ouni dat ganzt Personal géif d’Gemengeliewen net dréinen. Duerfir e ganz grousse Merci u jiddweree fir seng Aarbecht an säin Asaz.

*Masse salariale* ass vu 13,8 op 16,3 Milliounen eropgaangen. Vun 2024 op 2025: néng Persoune weider. Bis Enn 2026 ass geplangt, 16 weider Persounen (ETP) anzestellen.